



V.l.n.r. / de g. à dr.: Marcel Jakobs, Sandrine Pompidou, Jean-Pierre Roemen, Vanessa Baldassarri ép. Demoling, Lou Linster, Nathalie Entringer, Dr. Philippe Wilmes, Denise Copette ép. Conrardy, Patrick Calmus

Mir si prett!

Léif Leidelenger Biergerinnen a Bierger,

D'nächst Joer si Gemengewalen an Dir decidéiert iwwert d'Zukunft vun der Gemeng Leideleng. Wéi kréie mer de Verkéier an de Grëff? Wéi kréie mer nees Liewen an den Duerfkär? Wéi ka Leideleng klimaneutral ginn? Fir dës Problemer ze léisen, mussen mir elo aktiv ginn. Als Oppositoun hu mir an de leschte Jore vill konkret Propose gemaach. D'Aarbecht vum aktuelle Buergermeeschter a Schäfferot ass net op der Héicht vun dësen Erausforderungen. Déi lescht Jore weisen, datt eis Gemeng eng nei Equipe brauch, déi d'Problemer vun der Gemeng upaakt an sech net hannert Ausriede verstoppt, datt et déi staatlech Administratiounen sinn, déi alles blockéieren.

**Véier Fraen a fënnef
Männer, déi héich
motivéiert sinn, sech fir
d'Gemeng Leideleng an
hir Biergerinnen a Bierger
anzesetzen**

Ech sinn houfreg, Iech an dëser Newsletter kënnen eis Equipe fir d'Gemengewale vum 11. Juni 2023

virzestellen. Zesumme fir Leideleng, dat si véier Fraen a fënnef Männer, déi héich motivéiert sinn, sech fir d'Gemeng Leideleng an hir Biergerinnen a Bierger anzesetzen. Et ass eng Equipe mat ville verschiddenen Hannergrënn. Esou hu mer Leit aus dem Privatsektor souwéi aus dem Public, Juristen, Handwierker, en Dokter, eng Expert-comptable, en Enseignant, en Ingenieur an och eng Linguistin dobäi. Mat enger Altersmoyenne vun 42,8 Joer ass et eng jonk an dynamesch Equipe, an där awer och eng Rëtsch méi erfuerer Persounen vertruede sinn.

Wéi schonns an deene leschte Joren, wëlle mir an deenen nächste Méint mat Iech an d'Gespréich kommen, fir iwwert d'Erausforderungen vun der Gemeng ze schwätzen an Iech eis Iddie fir Leideleng ze erklären. Op der leschter Säit vun dëser Newsletter kritt Dir och méi Informatiounen zu deenen eenzele Kandidatinnen a Kandidaten. Am Numm vun der ganzer Equipe vun Zesumme fir Leideleng wënschen ech Iech an Ärer Famill schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch an d'neit Joer.

Lou Linster
Spëtzekandidat
Gemengeconseiller



FOR ENGLISH,
PLEASE SEE
INSIDE.



VERSÃO
PORTUGUESA NO
INTERIOR

**Nous sommes
prêts !**

Chères concitoyennes, chers concitoyens de Leudelage,

L'année prochaine auront lieu les élections communales et vous déciderez – ni plus ni moins – de l'avenir de votre lieu de vie. Comment maîtriser le trafic routier? Comment faire revivre le centre du village? Comment rendre Leudelage climatiquement neutre? Pour faire face à ces défis, c'est maintenant que nous devons agir. En tant que force d'opposition, nous avons fait de nombreuses propositions concrètes ces dernières années.

Le Collège des bourgmestre et échevins actuel n'est pas à la hauteur de sa tâche. Tout ce qu'il n'a pas fait a montré que notre commune avait besoin d'une nouvelle équipe. Une équipe qui s'attaque aux problèmes de la commune et ne se cache pas systématiquement derrière l'« excuse » selon laquelle ce sont les administrations étatiques qui « bloquent tout » !

Je suis fier de pouvoir vous présenter dans cette newsletter notre équipe pour les élections communales du 11 juin 2023. « Zesumme fir Leideleng » (ZfL, Ensemble pour Leudelage), ce sont quatre femmes et cinq hommes très motivés pour travailler dans l'intérêt de la Commune de Leudelage, de ses citoyennes et citoyens. Nos candidat(e)s sont issus d'horizons différents et exercent des métiers variés, aussi bien dans le secteur public que privé. Au sein de notre équipe, on retrouve des juristes, des artisans, une employée de banque, un médecin, une expert-comptable, un enseignant, un ingénieur et une linguiste. Avec une moyenne d'âge de 42,8 ans, c'est une équipe jeune et dynamique, qui compte également des personnes plus expérimentées.

Comme à notre habitude, nous souhaitons vous rencontrer dans les mois à venir pour parler des défis de la commune et vous expliquer nos idées pour Leudelage. Sur la dernière page de cette newsletter, vous trouverez davantage d'informations sur nos candidates et candidats.

Au nom de toute l'équipe de Zesumme fir Leideleng je vous souhaite, à vous et à votre famille, d'excellentes fêtes !

Lou Linster,
Tête de liste, Conseiller communal

D'Jugendwunne Leideleng huet endlech seng Dieren opgemaach

Lou Linster



Viru 4 Joer, am November 2018, hu mir proposéiert Jugendwunnengen am Haus Steichen (1, rue de Cessange) am Duerfkär ze realisieren. De Schäfferot wollt sech net op eng Plaz festleeën – Grond, firwat deemools festgehale gouf, d'Konzept ze analysieren an eventuell eng aner Plaz dofir ze sichen. Am Dezember 2020 huet de Gemengerot dem Kaf vum Haus 46, rue de la Gare fir 1,7 Mio. € zougestëmmt. Duerno ass leider vill Zäit verluer gaangen, well laang analyséiert gouf, ob d'Haus sollt energeetesch sanéiert ginn. Dëst war eng vun de Konditiounen vum Wunnengsbauministère, fir e Subside fir d'Haus ze kréien.

Den 1. Dezember 2022 konnt de Projet Jugendwunnen dunn endlech lancéiert ginn, dëst

an Zesummenaarbecht mat Inter-Actions. Siwe Jugendlecher tëscht 18 a 26 Joer wunnen an dësem Haus. Ronn 10 Stonnen d'Woch ginn déi Jugendlecher vun engem Educateur encadréiert. Am Prinzip wunnen si zwee Joer do, woubäi eng Verlängerung op dräi Joer méiglech ass. An där Zäit mussen si e Projet d'autonomisation ausschaffen mam Zil, datt si berufflech a sozio-ekonomesch eng zolidd Basis kréien, fir esou eng Wunneng um private Marché fannen ze kënnen. Dëst bleift an Zäite vu Wunnengsnout an héijer Zënse schwierig, mee d'Initiativ Jugendwunnen ass awer eng Hëllef. Dofir begrësse mir, datt dëse Projet konnt realiséiert ginn, och wann et (ze) laang gedauert huet.

Les logements pour jeunes sont enfin réalité

Il y a 4 ans, en novembre 2018, nous avons proposé de réaliser des logements pour jeunes dans la maison Steichen (1, rue de Cessange) au centre du village. À l'époque, le Collège échevinal n'avait pas voulu définir de lieu. Il a été retenu que le concept serait d'abord analysé et qu'un autre lieu devrait éventuellement être recherché pour le réaliser. En décembre 2020, le Conseil communal a approuvé l'acte d'achat de la maison 46, rue de la Gare pour 1,7 millions d'euros. Par la suite, beaucoup de temps a malheureusement été perdu, la commune analysant longuement l'éventuelle nécessité d'une rénovation énergétique. C'était une des conditions du ministère du logement pour accorder des subsides.

Le 1er décembre 2022, le projet logements pour jeunes a enfin pu être lancé en collaboration avec Inter-Actions. Sept jeunes âgés de 18 à 26 ans peuvent vivre dans cette maison. Les jeunes sont encadrés environ 10 heures par semaine par un éducateur. En principe, ils y vivent pendant deux ans, avec une éventuelle prolongation d'un an. Durant cette période, les jeunes doivent élaborer un projet d'autonomisation dans le but d'avoir de solides bases professionnelles et socio-économiques leur permettant de trouver un logement sur le marché privé. Vu la pénurie de logements et les taux d'intérêt élevés, cela reste difficile, mais l'initiative de logement pour les jeunes est une aide précieuse. Nous nous félicitons donc que ce projet ait pu se concrétiser, même si cela a pris (trop) longtemps.


Wéini kritt Leideleng eng Apdikt ?

Rezent huet de Conseil de la concurrence an enger Enquête iwwert d'Medikamenter an d'Apdikte festgestallt, datt d'Densitéit vun Apdikten hei am Land éischter niddreg ass a 25 nei Apdikte misste geschafe ginn, fir de Besoine vun der Bevëlkerung Rechnung ze droen. Et goufen och verschidde Gemenge genannt, an deenen d'Regierung eng nei Apdikt soll kreéieren, dorënner Leideleng.

Doropshin hu mir beim Schäfferot nogefrot, ob eng nei Demande beim Gesondheitsministère fir eng Apdikt zu Leideleng gemaach gouf. De Schäfferot huet confirméiert, datt e schonns virun engem Joer eng entspriechend Demande verschéckt huet, ouni awer eng Äntwert dorop ze kréien. Am August huet de Schäfferot dofir nach eng Kéier nogehaakt. Mir bliwen op alle Fall um Ball.

Jean-Pierre Roemen

Foto: Shutterstock.com



Une pharmacie pour Leudelage ?

Dans son rapport d'enquête sectorielle sur les médicaments et pharmacies, le Conseil de la concurrence a constaté que la densité des pharmacies au Luxembourg était très faible et qu'il fallait créer 25 nouvelles pharmacies pour répondre aux besoins de la population. Afin de lutter contre la pénurie, le Conseil a identifié un certain nombre de communes qui constitueraient un emplacement idéal pour une nouvelle pharmacie, en ce compris la commune de Leudelage.

Le gouvernement peut ouvrir une nouvelle concession de sa propre initiative ou à la demande d'une partie tierce, en principe une commune. Nous avons demandé au Collège échevinal si une nouvelle demande avait été faite auprès du ministère de la Santé pour une pharmacie à Leudelage. Le Collège échevinal a confirmé qu'il avait déjà envoyé une demande correspondante il y a un an, qui est restée sans réponse. En août, le Collège échevinal a relancé le ministère. Nous continuerons à suivre ce dossier.

Jean-Pierre Roemen

Foto: Shutterstock.com

Patrick Calmus

De Biodiversitätsverloscht mat Wëllblummeweise bekämpfen

Zu Leideleng, wéi och op villen anere Plazen am Land, si Wëllblummeweise an de vergaangene Joerzénge méi a méi aus dem Landschaftsbild verschwonnen. Souwuel an der Landwirtschaft wéi och am private Beräich dominéiert intensiivt Gréngland. Duerch d'Verschwanne vu Wëllblummeweise leide vill heemesch Planzen- an Déierenarten, déi op dës Wëllblummeweise als Liewensraum ugewise sinn. D'Uleë vu Wëllblummeweise géif deemno eng grouss Plus-value fir d'Biodiversitéit an der Gemeng duerchstellen. Et ass och eng Mesure aus dem Naturpakt, deem d'Gemeng Leideleng am Februar bäigetrueden ass.

Per Motiou hu mir de Buergermeeschter-a Schäfferot dozou opgefuerdert, d'nächst Joer verstärkt Wëllblummeweise ronderëm d'Spillplazen an op Stécker laanscht Stroossen a Feldweeër unzeleeën, dat op deene Plazen, wou d'Gemeng Proprietär vun dëse Stécker ass. Déi sou entsoend Wëllblummeweise sollen no engem an Zesummenaarbecht mam Naturschutzsyndikat SICONA ausgeschafften Entretienkonzept geméit ginn. Och soll dofir gesuergt ginn, datt an neie Quartieren d'office Wëllblummeweise mat ageplangt ginn.

Doriwwer eraus soll en Atelier organiséiert ginn, an deem d'Leit gewise kréien, wéi een

eng Wëllblummeweise uséit an d'Gemeng soll all interesséiert Persoun gratis Titercher mat fir eis Regioun gëeegentem Som fir wëll Blummen zoukomme loossen, fir datt d'Leit an hirem Gaart eng Wëllblummeweise uleë kënnen. De Schäfferot war der Meenung, datt Wëllblummeweise net zu all Moment vum Joer gutt ausgesinn. Nawell gouf eis Motiou unanim ugeholl an et bleift ze hoffen, datt de Schäfferot dës och esou ëmsetzt.

Combattre la perte de biodiversité grâce aux fleurs sauvages

À Leudelage, comme dans de nombreux autres endroits du pays, les fleurs sauvages ont de plus en plus disparu du paysage au cours des dernières décennies. La monoculture domine à la fois dans l'agriculture et dans le domaine privé. La disparition des fleurs sauvages nuit à de nombreuses espèces végétales et animales indigènes car elles leur servent en tant qu'habitat. La plantation de fleurs sauvages apporterait donc une grande valeur ajoutée à la biodiversité de la commune. C'est aussi une mesure du Pacte Nature, auquel la Commune de Leudelage a adhéré en février.

Dans une motion, nous avons demandé au Collège des bourgmestre et échevins d'aménager l'année prochaine des prairies de fleurs sauvages autour des aires de jeux et le long des routes et des chemins vicinaux, aux endroits où la commune est propriétaire. Les prairies de fleurs sauvages qui en résultent doivent être fauchées suivant un concept d'entretien élaboré en collaboration avec le Syndicat intercommunal pour la conservation de la nature SICONA. Nous avons également revendiqué que dans les nouveaux quartiers, des prairies de fleurs sauvages soient prévues d'office.

Nous souhaitons aussi qu'un atelier soit organisé dans lequel il serait expliqué aux gens comment s'occuper d'un champ de fleurs sauvages et que la commune fournisse à tout-e intéressé-e gratuitement, sur demande, des semences de fleurs sauvages adaptées à notre région, afin que les gens puissent aménager eux-mêmes des prairies de fleurs sauvages dans leur jardin. Le Collège échevinal a souligné que les prairies de fleurs sauvages ne fleurissent pas toute au long de l'année. Finalement, notre motion a tout de même été acceptée à l'unanimité et nous espérons que le Collège échevinal la mettra en œuvre telle quelle.

Tribune libre

D'administrativ Digitaliséierung: en zweeschneidegt Schwäert vum Vanessa Baldassarri ép. Demoling*

D'Digitaliséierung vun de Verwaltungen, déi duerch d'Covid-19-Pandemie acceleréiert gouf, ass eng vun de groussen Erausforderungen, déi d'Regierung sech gesat huet. D'Gemenge wäerte logescherweis och net dolaanschtommen, sech ze moderniséieren. Obwuel d'Dematerialiséierung vun den ëffentleche Servicer vill Virdeeler huet, bleift se en zweeschneidegt Schwäert.

Och wa fir vill vun eis d'Digitaliséierung mat Acceleratioun vun de Prozeduren, verbesserter Accessibilitéit zu den ëffentleche Servicer, Impact op de Klimaschutz etc. Hand an Hand geet, bleift en Hoken. Tatsächlech verursaacht d'Digitaliséierung vun den ëffentlechen Déngschtleeschungen zwangseefeg eng Verännerung an der Bezéiung tëscht den eenzele Leit an de Verwaltungen. Et gëtt keng tëschemenschlech Relatioun méi tëscht hinnen, ma d'Leit ginn zu „anonymen an enthumaniséierte“ Gesprächspartner.

Eng Enthumaniséierung vun dese Relatiounen erhéicht awer de Risiko vun enger Verletzung vun de Rechter vun den Nutzer*Notzerinnen vun der Administratioun. D'Administratiounen mussen deemno dofir suergen, datt d'Leit iwwert hir Rechter informéiert ginn, wéi och iwwert d'Recoursméiglechkeeten, déi hinnen zur Verfügung stinn.

Déi verstärkt Digitaliséierung vun den ëffentlechen Déngschtleeschungen riskéiert deemno och eng sozial Trennung ze schafen, virun allem duerch d'Ausgrenzung vu Leit, déi entweder net déi néideg digital Kompetenzen oder net déi entspreichend Ausrüstung hunn, fir sech online ze connectéieren, net ze schwätze vun deenen, fir déi d'Accessibilitéit zur Technologie bedéngt duerch hir Behënnerung eng Barriär ass. Fir des Risiken ze limitéieren, sinn ech der Meenung, datt d'Digitaliséierung de mënschleche Kontakt net komplett ersetze soll, mee desen onbedéngt bestoe bleiwe muss. D'Leit mussen de Choix hunn, entweder hir Prozeduren online kënnen duerchzuführen oder Accès zu engem Guichet hunn, an deem eng Persoun op hir Froen äntweren an se duerch hir Demarche guidéiere kann.

*** D'Vanessa Baldassarri ép. Demoling, 40 Joer, wunnt zu Leideleng an ass Mamm vun zwee Kanner. Si ass Elterevertrieederin, Member vun der Schoulkommissioun a Member vum Naturpaktteam. Nodeems si hir Studien mat engem Master II am „Droit bancaire et financier“ zu Stroosbuerg ofgeschloss huet, huet d'Vanessa als Avocat à la Cour geschafft. Sait 2011 ass hatt Deel vun der Equipe vum Ombudsman (Mediateur), deen a Sträitfäll tëscht de Bierger*Biergerinnen an de Verwaltungen probéiert eng friddlech Léisung ze fannen.**

La digitalisation administrative : une arme à double tranchant de Vanessa Baldassarri ép. Demoling*

La digitalisation des administrations, qui a été accélérée par la pandémie de Covid-19, est l'un des grands défis que s'est lancé le gouvernement. Les communes seront logiquement également amenées à se moderniser et à suivre cette cadence. Bien que la dématérialisation des services publics présente de nombreux avantages, elle reste néanmoins une arme à double tranchant.

Si pour certains « digitalisation » rime avec rapidité des procédures, accroissement de l'accessibilité au service public, impact sur la protection du climat etc., il y a toutefois anguille sous roche. En effet, la transformation digitale des services publics provoque inévitablement un changement de la relation entre les administrés et les administrations, puisqu'il n'y aura plus de relation directe entre le citoyen et son administration, l'administré devenant un interlocuteur « anonyme et déshumanisé ».



Une déshumanisation de ces relations augmente cependant le risque d'une atteinte aux droits des usagers de l'administration. Il faudra donc que les administrations veillent à ce que les citoyens soient informés de leurs droits ainsi que des voies de recours qui leur sont garantis.

L'augmentation de la digitalisation des services publics risque également de créer un clivage social, en excluant notamment les personnes qui soit n'ont pas les compétences digitales nécessaires, soit ne disposent pas du matériel adéquat pour se connecter, sans oublier celles pour qui l'accessibilité aux technologies en raison de leur handicap constitue une barrière. Afin de limiter ces risques, je suis d'avis que la digitalisation ne doit pas totalement venir remplacer le contact humain, lequel doit

continuer à exister en laissant notamment le choix aux administrés soit de pouvoir effectuer leurs démarches en ligne soit de se présenter à un guichet où une personne avertie pourra répondre à leurs questions et les guider dans leurs démarches.

*** Vanessa Baldassarri ép. Demoling, 40 ans, habite Leudelange et est mère de deux enfants. Elle est représentante des parents d'élèves et membre de la Commission scolaire ainsi que de la Commission Pacte Nature. Après l'obtention d'un Master II en Droit bancaire et financier à Strasbourg, Vanessa a été Avocate à la Cour au Barreau de Luxembourg avant de rejoindre l'équipe de l'Ombudsman (Médiateur).**



Nogehakt

Wou si mer mam neie Seniorenheim drun?

Marcel Jakobs

Virun iwwer fënnf Joer gouf mat der Foncière Roy René eng Konventioun fir de Bau an d'Bedreiwe vun engem Seniorenheim um Geierberg ënnerschriwwen. D'Legislatur neigt sech dem Enn zou, mee de Bau huet nach ëmmer net ugefaangen. Op eis Nofro hin, huet d'Buergermeeschtesch confirméiert, datt d'Baugeneemegung fir d'Seniorenheim virun engem Joer erausgaangen ass. Bei der strateegescher Ëmweltpräiwung sinn allerdéngs Orchideeë fonnt ginn, déi ëmgeplanzt mussen ginn. Vun Abrëll 2023 un missten d'Bauarbechten awer definitiv ufänke kënnen. Den ursprénglech genannten Datum (Start ufangs 2021) war deemno eng Illusioun.

Où en sommes-nous à propos de la nouvelle résidence pour seniors ?

Il y a plus de cinq ans, une convention a été signée avec la Foncière Roy René pour la construction et l'exploitation d'une résidence pour seniors au Geierberg. La législature touche à sa fin, mais le chantier n'a toujours pas commencé. En réponse à notre demande, la bourgmestre a confirmé que l'autorisation de bâtir a été délivrée il y a un an. Or, lors de l'évaluation des incidences sur l'environnement, des orchidées ont été trouvées sur le terrain et celles-ci doivent d'abord être replantées. À partir d'avril 2023, cependant, les travaux de construction devraient enfin commencer. La date initialement mentionnée (démarrage des travaux en 2021) était donc illusoire.

Eis Kandidatinnen a Kandidate fir d'Gemengewale vum 11. Juni 2023

Nos candidates et candidats pour les élections communales du 11 juin 2023



Lou Linster

31 Joer | Spëtzekandidat | Gemengeconseiller
Ingénieur-conseil
31 ans | Tête de liste | Conseiller communal
Ingénieur-conseil



Vanessa Baldassarri ép. Demoling

40 Joer | Juristin beim Ombudsman
40 ans | Juriste auprès de l'Ombudsman



Patrick Calmus

55 Joer | Gemengeconseiller | Metallbauer
Enseignant am Secondaire | 55 ans
Conseiller communal | Expert en construction
métallique | Enseignant au secondaire



Denise Copette ép. Conrardy

50 Joer | Expert-comptable
Conseillère économique
50 ans | Expert-comptable
Conseillère économique



Nathalie Entringer

30 Joer | Promoviert Linguistin am Zenter fir
d'Lëtzebuurger Sprooch
30 ans | Linguiste au Centre pour le luxembourgeois
(Docteur en Sciences du Langage)



Marcel Jakobs

68 Joer | Gemengeconseiller | Staatsbeamten a. P.
68 ans | Conseiller communal
Fonctionnaire d'État e. R.



Sandrine Pompidou

42 Joer | Juristin | Managerin am Finanzsecteur
42 ans | Juriste | Manager du secteur financier



Jean-Pierre Roemen

26 Joer | Gemengeconseiller | Jurist
26 ans | Conseiller communal | Juriste



Dr. Philippe Wilmes

42 Joer | Orthopedesche Chirurg
Vizepräsident AMMD
42 ans | Chirurgien orthopédiste
Vice-président AMMD

Falls Dir Iddien a Suggestiounen fir eise Walprogramm hutt, schreift eis eng Email op lou.linster@leudelange.lu.
Si vous avez des idées et suggestions pour notre programme électoral, envoyez-nous un mail à lou.linster@leudelange.lu.